SÉANCE 22

- (s.) Fernand Kartheiser, Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Serge Urbany.
- ▶ M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Elo kritt d'Wuert d'Kooperatiounsministesch Marie-Josée Jacobs.
- Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.- Merci, Här President. Ech sinn eigentlech esou vill hei gelueft ginn, datt ech elo net weess, ob ech mer hei soll e schlechten Numm den Owend maachen an nach eng Kéier alles soen, wat ewell fënnefmol gesot gouf,...
- **▶ Plusieurs voix.** Neen!
- ▶ Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Coopération et de l'Action humanitaire.- ...sou wéi d'Kanzlerin gesot hat: "Es ist noch nicht von jedem alles noch einmal gesagt worden." Dorobber géif ech da verzichten, well Der esou fei mat mer woort.

Ech géif awer wëllen der Rapportrice, der Madame Nancy Kemp-Arendt, villmools Merci soe fir hire Rapport. Och all deenen anere Leit - dat ass den Owend och hei gesot ginn -, déi an der Kooperatioun schaffen, egal ob dat hei zu Lëtzebuerg ass, ob dat an der grousser wäiter Welt ass; Leit, déi eng wichteg an zu engem Deel ganz dacks eng Aarbecht maachen, déi net einfach an net ongeféierlech ass.

Ech wëll soen, datt dat Gesetz vun 1996 e ganz gutt Gesetz wor, an ech soen dat mat ëmsou méi enger grousser Begeeschterung, wéi et net vun engem CSV-Minister geschriwwe gouf, mä vun engem sozialistesche Statssekretär, dem Kolleeg Georges Wohlfart. Mat deem Gesetz konnte mir an deene leschte Jore vill a gutt a positiv Aarbecht maachen.

Et gëtt awer Zäit, datt mer och ufänken, dat e bësselchen op de Métier ze huelen an ze verjüngen, an duerfir hu mer also eng Partie vun deene Saachen haut an deem neien Text do dran. Och vun der Proposition de loi vun den Deputéierte Lydie Err a Marc Angel fannt Der eng ganz Partie Remarquen hei erëm, d'selwecht wéi och aus den ONGen, déi jo och eng Partie vun deene Propositioune gemaach hunn.

Eng Kéier am Joer komme mer heihinner, fir den Débat ze féieren, mä ëmmer erëm, wann d'Chamber wëllt oder wa mir eppes ze maachen hunn, ass ëmmer de President, de Ben Fayot, bereet, eis Zäit och ze ginn an der Kommissioun, fir datt mer kënnen en long et en large iwwer all Punkten diskutéieren, déi d'Deputéiert interesséieren an déi mer och gäre mat lech zesumme beschwätzen. Duerfir mengen ech, ass dat och wichteg, datt mer déi Plaz an och déi gutt Zesummenaarbecht hunn.

Ech si frou, datt mer och d'Aide humanitaire elo an deem neie Gesetz expressis verbis drastoen hunn. Dat wor ebe '96 net esou de Fall, an duerfir ass dat jo gutt, datt mer dat konnten

Et ass och wichteg, datt den Agrément, d'Durée vum Agrément ëm zwee Joer verlängert gouf, wat virun allem emol deene klengen ONGen hëlleft, fir datt se net ëmmer erëm mussen déi administrativ Aarbechten do maachen. Och déi Fraisën, déi se erëmbezuelt kréien, och fir hir administrativ Aarbecht, mussen derzou féieren, datt also méi Transparenz do ass an datt och jiddweree ka sécherstellen, datt en dat kann uerdentlech maachen.

Eng ganz Partie vun de Riedner hu gefrot an iwwert d'Reglementer geschwat. Ech denken, datt mer fir Enn Abrëll d'Reglementer kënnen an de Regierungsrot ginn an datt se dann och duerno wäerten op den Instanzewee kommen an d'Chamber selbstverständlech gradesou gutt wéi déi aner och domadder sech dat kann ukucken a mer och eng Kéier an d'Kommissioun kënne kommen, fir lech dat nach eng Kéier virzestellen.

Wichteg ass et fir eis - an ech denken, datt dat doten éischter eng folkloristesch Einlag wor, déi mer do héieren hunn iwwert d'Engagement, wat mer missten halen -, dat wor, deemools hu mer dat awer och gesot, eist Engagement ass eigentlech dat, wouzou mer eis souwissou och op internationalem Plang, op europäeschem Plang verflichten. Amplaz alles eenzel mussen opzezielen, wor am Fong just d'Fro, fir dat e bësselche méi ze vereinfachen.

Mir wäerten dëst Joer am Abrëll eng "peer review" vum CAD gemaach kréien. Dat ass e gesonden Exercice, deen all fënnef Joer stattfënnt, wou mer selwer de Spigel virun d'Gesiicht gehale kréien a wou ee ka kucken, wat mer gutt maachen, an och dat, wat mer nach kéinte besser maachen

Duerfir sinn ech also frou, wa mer dat Gesetz hei gestëmmt hunn, wa mer och déi Reglementer dann a Kraaft hunn, fir kënnen och där neier Situatioun an der Welt gerecht ze ginn.

Da géif ech selbstverständlech wellen e Wuert soen iwwert de Mali, wou mer selbstverständlech all ganz verdrësslech sinn, datt dat esou an deem Land do gaangen ass - eent vun deene Länner, wou mer am Fong dervun iwwerzeegt woren, datt se um gudden demokratesche Wee woren -, wou de President Touré, dee ganz héich ugesinn a respektéiert wor, ofgesat gouf.

Do hu mer och déiselwecht Prinzipien - an d'Chamberskommissioun weess dat - applizéiert, wéi mer et och deemools gemaach hunn am Niger, wéi 2009 do d'Kris wor. Dat ass, datt mer an dësem Moment aus Sécherheetsgrein vun deene Leit, déi do schaffen, déi Hëllef elo suspendéiert hunn. A wann d'Leit erëm kënnen zréck op den Terrain goen, da kënne se déi Aarbecht, déi se amgaang sinn ze maachen, fäerdeg maachen, sougutt déi vu Lux-Dev wéi och d'ONGen, déi um Terrain sinn an déi och do selbstverständlech deene Leit hëllefen, déi d'Hëllef am meeschte brauchen, och humanitär Hëllef viruginn. Mä mir maachen an ënnerschreiwe mat där neier Regierung, déi net legitiméiert ass, mat där ennerschreiwe mer selbstverständlech keng nei Projeten.

Mir denken, datt et wichteg ass, datt een e kloert politescht Zil, e Signal setzt, fir ze soen, wa gewaltsam Regimesverännerunge kommen, datt mer dat net akzeptabel fannen. Op där anerer Säit soe mer awer och, mir kënnen net déi Bevölkerung, déi Äermst vun en alleguerten, zweemol strofen, doduerch datt se ewell Regierungen hunn, déi net esou sinn, wéi se solle sinn, an dann och nach derbäi, dat d'international Communautéit - an dann och Lëtzebuerg derbäi -, datt déi da brutal géifen do op deene Plaze fortgoen. Dat ass net esou, wéi mer eis dat och virstellen.

Wichteg, mengen ech, ass - an et ass den Owend och vill hei vum Waasser geschwat ginn -, datt mer eis sollen driwwer freeën, datt 89% vun de Mënsche mëttlerweil proppert Waasser ze drénken hunn. Dat ass eppes, wat net selbstverständlech ass. An duerfir, mengen ech, ass dat och wichteg, datt een dat och ervirsträicht a weist, datt déi vill Efforten, och wann et heiansdo esou ausgesäit, wéi wann et nëmmen gn Drëps op e waarme Stee wier - beim Waasser ass dat jo nach méi bildlech -, datt een awer och gesäit, all déi Ustrengungen hëllefen och eppes. A vun dohier solle mer och net domadder ophalen.

Cohérence des politiques - de Paul Helminger huet och dovunner geschwat -, denken ech, hu mer och mam Comité interministériel, dee mer am neie Reglement, wou mer amgaang sinn drun ze schaffen, och nei erëm opschaffen an och kucken, datt méiglechst vill Leit do derbäi sinn, fir och kennen derfir ze suergen, datt déi verschidden Departementer och besser do vertratt sinn an eis och am Virfeld, och wat europäesch Politiken ubelaangt, kenne soen, wat doremmer ennerwee ass, fir eben Inkohärenzen ze verhenneren.

D'Gemengen, do sinn ech gäre bereet, fir déi, déi wëllen op dee Wee goen, fir entweder mat eis individuell oder vläicht och mam Syvicol do zesummen Aktivitéiten ze maachen. Mä ech deelen awer och d'Meenung, datt et net onbedéngt einfach ass fir eng Gemeng, fir selwer eleng Projeten ze maachen. Mä et gëtt jo genuch aner Organismen, déi mer hunn, ONGen an och soss Partner, mat deenen een dat gemeinsam ka maachen, esou datt een net onbedéngt alles selwer muss nei erfannen, wann een dat wällt

Iwwert d'Sortie aus de Länner, denken ech, do ass et och wichteg, dat eng Kéier hei ze soen: Mir kënnen a mir maachen dat selbstverständlech; dat, wat mer eis, och déi Relatiounen, déi mer eis an deene Länner opgebaut hunn, profitéiere mer a probéiere mer ze profitéieren. Dir hat gesinn, wéi mer mam Grand-Duc an de Vietnam woren, datt mer zu dräi Ministere mat woren. Den Ausseminister selbstverständlech, mä och de Wirtschaftsminister an ech, fir eben och ze weisen: Mir sinn net nëmmen deen een hei, mä et ass eng Kontinuitéit, déi do ass, wou also och soll gekuckt ginn, fir Projete kënnen och ze maachen, wa mer net méi als Kooperatioun do sinn.

Mir si jo als Kooperatioun do, net als e Selbstzweck. Mä mir hätte gär, datt déi Länner vum selwe kënnen an autonom ginn. A vun dohier ass dat eppes, wat fir eis ganz normal ass. Wann aner Ausschreiwunge gemaach ginn an anere Projeten, da kënne selbstverständlech och Lëtzebuerger Firmae matmaachen. Leider maachen der net ëmmer ganz vill mat. Mä wa se matmaachen a se sinn zu deeneselwechte Konditiounen, da kënne se och gradesou gutt Marchéë kréien, wéi een anere se kritt. Vun dohier denken ech, datt dat och alles esou an der Rei ass

Zum Schluss, Här President, wëll ech just soen, och wann déi "dräi D"en net am Text drastinn, dann ass dat awer fir eis ganz kloer egal. Och do hu mer esou vill Kohärenz, och wa mer et net draschreiwen, ass dat fir eis sougutt d'Di-

plomatie wéi d'Défense an och den Développement, déi wichteg sinn.

An domadder, Här President, géif ech lech wëllen alleguerte Merci soen. Ech freeë mech drop, datt mer dat neit Gesetz hunn an hoffen, datt mer och an Zukunft gutt kënnen zesummeschaffen an awer och gutt kënnen an deene Länner schaffe fir déi Leit, déi et wierklech immens néideg hunn. Ech géif elo nach gären dräi Stonnen hei schwätzen, mä ech muss awer elo ophalen.

Ech hunn dann nach d'Motioun hei leien. Do proposéieren ech als Regierung selbstverständlech, datt Der déi net sollt stëmmen. Mir haten eng laang Diskussioun an der Chamber doriwwer an och an der Kommissioun doriwwer a mir sinn zur Iwwerzeegung komm, datt dat net dénglech wier. Duerfir, mengen ech, bräicht och déi Motioun net gestëmmt ze ginn.

Merci.

- **▶ Une voix**.- Très bien!
- M. le Président.- Merci der Madame Ministesch. Mir sinn um Enn vun deser Diskussioun a kommen elo zur Ofstemmung iwwert de Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6261 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6261 ass ugeholl mat 48 Jo-Stëmmen, bei 11 Enthalungen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Diane Adehm);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Marc Angel):

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Claude Meisch), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Fernand Etgen), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. Xavier Bettel) et M. Carlo Wagner (par M. André Bauler);

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Claude Adam), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par M. François Bausch) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Wëllt ee seng Enthalung begrënnen?

(Négation)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Motion 1

Dann hu mer hei nach iwwer eng Motioun ofzestëmmen. Mir kënnen dat sécherlech à main levée maachen?

(Négation)

De Vote électronique gëtt verlaangt.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

D'Motioun 1 ass verworf mat 54 Nee-Stëmmen, géint 5 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: la motion 1 est rejetée par 55 voix contre 4.

Ont voté oui: MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par Mme Nancy Arendt), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par

M. Marc Lies), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par M. Lucien Clement)

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Ben Scheuer), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Fayot), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Roger Negri);

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) et M. Carlo Wagner (par M. Claude Meisch);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter.

Da kéime mer elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour, nämlech dem Projet de loi 6337, engem Accord tëschent de Länner vum Benelux an dem Kosovo iwwert d'Réckféierung vun illegalen Awanderer. Ech hunn dräi Riedner, dei sech ageschriwwen hunn, woubäi awer een net do ass, den Här Braz. Ech ginn dervun aus, datt dann den Här Adam eppes dozou seet. Da sinn awer och nach den Här Helminger an den Här Kartheiser ageschriwwen.

D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Marc Angel. Här Angel, Dir hutt d'Wuert.

5. 6337 - Projet de loi portant approbation de l'Accord entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas (les États du Benelux) et la République du Kosovo relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de reprise et de réadmission) et du Protocole d'application, signés à Bruxelles, le 12 mai 2011

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

▶ M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Jo, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir hutt gesot, ëm wat et geet, Här President.

Mir hunn där Accords de réadmission am Kader vum Benelux scho 15 hei am Haus ofgestëmmt, besonnesch och eng ganz Rëtsch mat Nopeschlänner vum Kosovo, anere Balkanlänner. Ech selwer hunn der schonn hei eng zéng virgedroen. Dofir mengen ech, kann ech mer et erspueren, nach a weider Detailer anzegoen.

An der Kommissioun ass mäi schröftleche Rapport unanime ugeholl ginn. Ech huelen un, d'Kolleegen haten e gelies. Dofir brauch ech dat hei net ze...

(Interruptions)

Ech si sécher, d'Kolleegen haten e gelies! Dofir hat en déi Unanimitéit. Dofir brauch ech wierklech net méi drop anzegoen. An ech mengen, d'Kommissioun war eestëmmeg averstanen.

Ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun, an et si vill Kolleegen, déi mech gebieden hunn, den Accord vun alle Parteien ze ginn.

(Brouhaha)

Dofir Merci an e schéinen Owend nach.

Une voix.- Très bien!

(Interruption)

▶ M. le Président.- Merci dem Här Angel. Den Här Helminger ass och net do. Ech mengen, den Här Kartheiser insistéiert och net méi, fir eppes driwwer ze soen, an d'Madame Ministesch ass och domadder d'accord. Dat heescht, mir kommen direkt zur Ofstëmmung.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6337 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6337 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile



Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupert, Ali Kaes (par M. Lucien Clement), Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz (par Mme Martine Mergen), Robert Weber (par Mme Marie-Josée Frank), Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter (par Mme Nancy

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Georges Engel, Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Ben Scheuer), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par M. Georges

MM. André Bauler, Eugène Berger (par M. Fernand Etgen), Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz (par M. Camille Gira), Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché (par Mme Viviane Loschetter) et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou décidéiert.

Domadder si mer um Enn vun eiser Sitzung ukomm. Déi nächst Sitzung ass virgesi fir de 17. Abrëll.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 21.04 heures)



SÉANCE 23

MARDI, 17 AVRIL 2012

Présidence: M. Laurent Mosar, Président

Séance publique de la Chambre des Députés à l'occasion de la visite de Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies

Sommaire

- Discours de M. le Président
- 2. Déclaration de M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations
- Séance de questions et de réponses
 - 1) Question posée par le groupe parlementaire CSV
 - M. Norbert Haupert M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies
 - 2) Question posée par le groupe parlementaire DP
 - M. Xavier Bettel M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies
 - 3) Question posée par le groupe parlementaire LSAP
 - M. Ben Fayot M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies
 - 4) Question posée par le groupe parlementaire déi gréng
 - M. Félix Braz M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies
 - 5) Question posée par la sensibilité politique ADR
 - M. Fernand Kartheiser M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies
 - 6) Question posée par la sensibilité politique déi Lénk
 - M. Serge Urbany M. Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies

(Début de la séance publique à 15.15 heures)

À leur arrivée à l'Hôtel de la Chambre, Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon, Secrétaire général de l'Organisation des Nations Unies, et Madame Ban Soon-taek sont accueillis par Monsieur Laurent Mosar, Président de la Chambre des Députés.

Après avoir signé le Livre d'Or de la Chambre, Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon se retire pour un entretien en tête-à-tête avec Monsieur Laurent Mosar, en présence de Monsieur Claude Frieseisen, Secrétaire général de la Chambre des Députés.

Prennent place dans les tribunes:

- Madame Ban Soon-taek,
- Madame Sylvie Lucas, Ambassadeur, Représentant permanent du Luxembourg auprès des Nations Unies
- les membres de la délégation, ainsi que
- Monsieur Pierre Mores, Maréchal de la Cour.

Dans la salle des séances publiques prennent place, outre les membres de la Chambre des Députés, les conseillers de Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon, Mme Elizabeth Spehar et M. Yecheol Yoon.

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jean-Marie Hals-dorf, Nicolas Schmit, Marco Schank, Romain Schneider et Etienne Schneider, Ministres.

À l'issue de l'entretien en tête-à-tête, Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon gagne la salle des séances publiques au milieu de laquelle, applaudi par toute l'assistance, il prend place sur un fauteuil lui réservé.

Monsieur le Président Laurent Mosar ouvre la séance publique et prononce le discours de bienvenue

1. Discours de M. le Président

M. le Président - Monsieur le Secrétaire général, Monsieur le Maréchal de la Cour, Mesdames, Messieurs, au nom de la Chambre des Députés du Grand-Duché de Luxembourg, il me tient à cœur de souhaiter une très cordiale bienvenue à Son Excellence Monsieur Ban Ki-moon, Secrétaire général des Nations Unies,

et à son épouse, Madame Ban Soon-taek.

de vous avoir parmi nous aujourd'hui, Monsieur le Secrétaire général, alors que nous apprécions vos talents de diplomate et vos qualités d'avocat de ceux qui sont dans le besoin. Nous savons apprécier à sa juste valeur votre

Nous sommes tout particulièrement honorés

ambition de vouloir construire un avenir plus solide, un avenir de qualité, un avenir durable pour les générations actuelles et futures.

Vos efforts inlassables à inciter les responsables politiques dans le monde à prendre leur responsabilité face aux multiples défis qui se posent aujourd'hui à l'humanité ne peuvent que trouver notre assentiment.

On est malheureusement trop souvent contraint de constater que vis-à-vis d'un monde en pleine évolution, certes parfois très com-pliqué, les responsables politiques hésitent, ont parfois du mal à procéder aux actions de redressement et de changement qui s'imposent.

Or, le rétablissement et le maintien de la paix, le développement durable, le soutien des efforts de démocratisation et de bonne gouvernance, les réformes suite aux bouleversements économiques, de même que l'approvisionnement en eau, en vivres et en énergie constituent autant de domaines d'action qui vous sont chers, des immenses chantiers auxquels nous devrons au plus vite, tous ensemble, amener des contributions concrètes

L'avenir de nous tous, mais surtout celui des générations futures, dépendra pour l'essentiel de notre imagination, de notre volonté et de notre courage politique de vouloir nous saisir au plus vite de tous ces problèmes et d'assumer nos responsabilités.

Monsieur le Secrétaire général, Mesdames, Messieurs, la paix est une valeur fondatrice des Nations Unies. Le rétablissement, le maintien et la consolidation de la paix figurent au cœur des préoccupations quotidiennes de l'ONU.

La paix revêt une signification toute particulière au Luxembourg. Importante forteresse entre le Royaume de France et l'Empire germanique, la ville de Luxembourg était convoitée et exploitée par les puissances importantes de l'époque, ce qui a fait que le Luxembourg a dû subir au fil de son histoire les méfaits de multiples conflits armés; s'y ajoutent deux guerres mon-

Notre pays est ainsi bien conscient de la fragilité de la paix et a sa place parmi ceux qui sont résolument orientés vers la promotion de la

«Non-violence», le revolver noué qui a été offert par le Gouvernement luxembourgeois aux Nations Unies en 1988 et qui se dresse devant le siège des Nations Unies à New York, en est

Ce monument à la paix et à la non-violence reste malheureusement trop souvent un symbole plutôt qu'une réalité universelle et votre visite intervient à une période où le monde est confronté à de très nombreux défis

Certes, grâce aux efforts des dernières décennies, le continent européen a vu naître une Union européenne qui promeut et protège désormais les valeurs de la liberté et de la démocratie, souvent d'ailleurs en étroite collaboration avec l'ONU.

Le Luxembourg, comme les autres pays d'Eua eu la chance de pouvoir beneficier d'une longue période de paix grâce à la construction européenne qui à entamé d'abord la voie de la paix en réconciliant les ennemis

Or, si par la signature des traités de Rome et leur mise en œuvre, l'Europe a été «réassemblée, recousue et réparée», pour employer les termes de notre Premier Ministre, la paix reste à faire dans beaucoup d'autres parties du

L'absence d'État de droit, d'institutions démocratiques performantes, de libertés fondamentales et de transparence, autrement dit, l'absence de bonne gouvernance, ont amené les populations d'un certain nombre de pays à s'élever contre les régimes autoritaires en

Au cours des dernières années, de nombreux pays ont découvert la perspective de démocratie après des décennies d'oppression. La mise en place d'institutions fiables et représentatives,

couplées à des élections libres et démocratiques, n'est qu'un premier pas vers la bonne gouvernance. Pour vivre en paix dans une société ouverte et juste, les responsables qui gèrent les ressources sociales et économiques d'un pays ne doivent pas agir exclusivement en fonction des intérêts de la majorité qui les a

La démocratie est le contraire de la loi du plus fort et la bonne gouvernance dans un système démocratique ne nécessite pas seulement des institutions performantes - elle doit également être synome de pluralisme. Comme l'a souligné à juste titre le Président de la Commission européenne, Monsieur José Manuel Barroso: «Le plus important est que la bonne gou-vernance est impossible sans une citoyenneté forte, sans une participation du peuple.» C'est pour cette raison qu'il faut toujours veiller à ce qu'une place soit réservée aux minorités et aux catégories les plus vulnérables d'une société.

Je voudrais plaider ici pour un renforcement de la dimension de la bonne gouvernance et de la démocratisation au sein des programmes de développement. Je suis convaincu qu'une plus forte intégration de la bonne gouvernance en tant que priorité des politiques nationales de coopération au développement contribuerait fondamentalement - et bien au-delà d'une simple stabilité institutionnelle - à l'épanouissement politique, économique, social et culturel des pays partenaires.

Vouloir remédier aux causes profondes des conflits et vouloir mettre en place une culture de la paix et du développement démocratique présuppose la création de concepts innovateurs développés et mis en œuvre par les Nations Unies, tels que la sécurité humaine qui prend en compte les dimensions politiques, économiques, sociales, environnementales ou encore les questions alimentaires et la problématique de la santé. De tels instruments contribuent également à jouer un rôle pionnier pour construire une paix durable.

L'approche globale des organes des Nations Unies joue un rôle primordial dans la résolution de conflits multidimensionnels.

La paix dépend aussi en grande partie de la cohésion sociale. Il faut veiller, dans cette perspective, à ce que l'écart entre les plus riches et les plus pauvres ne s'accroisse pas davantage, tant au Luxembourg que dans les autres pays du monde. Il est au contraire nécessaire de réduire cet écart et de consolider les modèles socio-économiques progressifs et équitables. Comme l'a souligné si justement Mahatma Gandhi: «La démocratie devrait assurer au plus faible les mêmes opportunités qu'au plus fort.»

Il faut éviter que ceux qui sont trop souvent exclus de la croissance, et je pense tout particulièrement aux jeunes, supportent à l'avenir le poids de la crise économique et financière qui nous frappe actuellement. En temps de crise, les jeunes, les femmes et les personnes plus âgées, entre autres, sont exposés davantage au chômage et au risque de pauvreté. Dans le même ordre d'idées, les populations issues de l'immigration risquent de faire les frais et de devenir plus facilement les victimes du racisme et de la xénophobie. Plus que jamais il s'agit donc de veiller à ce que les difficultés économiques ne contribuent pas à faire émerger de telles tensions et viennent renforcer les inégali-

Monsieur le Secrétaire général, en ce qui concerne plus particulièrement l'engagement du Luxembourg, je suis fier que notre pays ait eu l'occasion de jouer à de nombreuses reprises un rôle concret au sein des Nations Unies, par